Lëtzebuerger
# duerf
fir e chrëschtlecht a sozialt Engagement

JB JW

## D'Kriiss vun eiser Pastoral – e neien Ufank – OSTERN

Ech hunn oft d'Gefill wann eng Versammlung eriwwer ass, dat do war e gudde Grupp. Dat war eng gutt Stëmmung, do ass eppes geschitt. Do hunn d'Mënsche matgespuert, matgerappt. An zu gläicher Zäit hunn ech dat Gefill vun enger lähmender Héllefslosegkeet vis-à-vis vun deene Mënschen déi ronderëm sinn. Eng Kéier huet eng vun de Participantinen mer do gesot: Jo, an enger Por do ass näischt lass, mir kréien dat hei net opgefaangen. Et ass nëmme Resignatioun, et ass nëmme Flemm. Quiersch duerch all Altersschichten, vun der Jugend bis bei déi eeler Leit, quiersch iwwert all Bildungs- a Berufsschichten eraus, ass dat esou eng freedlos, lähmend, oninteressant Glawensgemeinschaft mat wéineg Ausnahmen.



Wat maache mer da falsch? Ass et eis net esou wéi an der Bildungspolitik, Do gëtt da geschwat vum Schreiwen, Liesen, Rechnen. Do gëtt geschwat vun de Grondwäerter, déi mer dann nennen: Ponktualitéit, Héiflechkeet, Korrektheet, Fläiss, Effort, Discipline asw. Saachen déi ee jo fir ganz normal hält an déi net méi do sinn.

Ass et net bei eis d'selwecht? Wa mer vu Glawe schwätzen, da schwätze mer jo net an éischter Stell vu Verboter oder Geboter, mä da schwätze mer vu bieden, da schwätze mer vu Kontakt hunn mat Gott, sech op Gott aloossen, sech fir Gott offe maachen, fir seng Botschaft, fir d'Botschaft vu Jesus Christus, fir d'Liewe wat hien eis schenkt. Et geet also ëm d'Liewen, d'Liewen an deem héchste Sënn vum Wuert, an dofir ass et esou wichteg, datt mir grad an dësen Deeg eis drun erënneren wat dat heescht: d'Liewen. Mir mierke wann d'Ismen an alle Formen vu Fundamentalismus iwwert Islamismus oder soss iergend een Ismus Iwwermuecht kréien, dann ass Irrationalitéit, dann ass Grausamkeet, dann ass Ofschätzung vum Liewen Tromp. Da geet et nëmme méi drëm fir seng eegen Utilitéitsproblemer ze léisen, a wann et muss sinn, mat Gewalt an Doutschloen. Mir hunn an der Kierch eis vläicht ze vill goegelooss. D'Kierch ass eng soziologesch Realitéit ginn. D'Kierch ass eng ökonomesch Realitéit ginn, mä dat ass net de Sënn vun der Kierch. De Sënn vun der Kierch ass Jesus Christus. Jesus Christus huet et nämlech gewot Zwiespältegkeet am iwwerliwwerte Gottesbild op d'Säit ze raumen an dofir eng rettend Eendeitegkeet eben dohinner ze stellen. Hien huet de grausamen, de strofenden, rächende Gott ersat an dofir e bedingungslos gudde Papp verkënnegt. Ech menge grad domadder kënnte mir als Membere vun der Kierch deenen ängschtlechen an entmuddegte Mënschen vun eiser Zäit eng befreiend an erléisend Botschaft ausriichten, wéi den Eugen Bisser gemengt huet. Hei gëtt däitlech: „Die christliche Botschaft ist von ihrer Mitte her eine Botschaft des Lebens, des Friedens, der Freiheit, der Hoffnung, zumal der Angsüberwindung." Et schéngt mer ëmmer méi wichteg ze sinn, dass Mënschen no esou enger gudder Noriicht sichen, am déifste vun hirem Wiesen. D'Liewen huet en éischterleche Grondcharakter, d'Liewen endegt am Liewen net am Dout. Dat ass déi positiivst Ausso vu Jesus iwwert de Mënsch. Et geet also drëm fir zum Liewen Jo ze soen. Ech géif soen, grad aus där Botschaft eraus „damit wir durch den Glauben das Leben haben" Joh 20, ass eng Trauerpastoral méiglech, ass eng Begleedung vu gescheiterte Bestietnisser méiglech, ass d'Begleedung vu Mënsche méiglech déi beruflech, gesondheetlech, sozial a wéi och ëmmer, am Liewen ze kuerz komm sinn.

*Fortsetzung Säit 12*

Jongbaueren a Jongwënzer/Landjugend 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 LUXEMBOURG
www.jongbaueren.lu – Tél. 44743-252 – Fax: 44743-563 – E-mail: landjugend@pt.lu
CCPLLULL: LU12 1111 0040 0831 0000 – Jorescotisatioun: 14€

**3/2014**
**März**

Jungzüchtertag in Limpach

# Zucht und Schau in einem interessanten Seminar

Die Luxemburger Jungzüchter hatten am 14. Dezember 2013 in Zusammenarbeit mit Semex zu ihrem ersten Jungzüchterseminar eingeladen. Auf der Tagesordnung standen Informationen zu Zucht und Schau für jede Altersklasse.

Morgens trafen sich die Jungzüchter in Limpach auf dem Betrieb von Carlo Bosseler. Nach einer kurzen Einführung durch den Präsidenten der „Grupp Zuucht" Marc Jacobs verteilten sich die Teilnehmer auf mehrere Gruppen. Den bereits erfahreneren Jungzüchtern stellte Josef Gitzinger (Semex) die verschiedenen Besamungsbullen und die Eigenschaften der einzelnen Selektionsprogramme wie z.B. Immunity+ vor. Dieses Programm umfasst Bullen, die unter anderem positive Gesundheitsmerkmale wie bessere Eutergesundheit und verbesserte Lebensdauer vererben. Die etwas älteren Jungzüchter wurden von Erika Rijneveld, die extra aus den Niederlanden angereist war, in die Grundlagen einer optimalen Schauvorbereitung eingeführt. Erika ist in der Schauszene weit über die Grenzen bekannt, da sie sowohl bereits viele Schauen gerichtet hat aber vor allem bereits in aller Welt Kühe gefittet hat und unter anderem in Battice bei der „Europäischen Züchterschule" als Coach den angehenden Züchtern wertvolle Tipps gibt. Auf dem Programm standen das Waschen und das Vorführen der Tiere. Bei den Jüngsten sah es ähnlich aus, diese wurden dabei von den etwas erfahreneren Jungzüchtern der „Grupp Zuucht" betreut.

Beim gemeinsamen Mittagessen, welches von der „Grupp Zuucht" zubereitet wurde, konnten sich die Teilnehmer wunderbar untereinander austauschen.

Nachmittags stand dann ein interessanter Vortrag von Armand Braun, CONVIS, mit dem Thema „Zucht und Management in Einklang bringen" mit anschließender Diskussion auf der Tagesordnung. In lockerer Atmosphäre wurde hier über die Zukunft der Betriebsausrichtung diskutiert, und wie man diese im Hinblick auf Zucht und Management am besten gestalten kann. Für die Jungzüchter ging es weiter mit der Vorbereitung der Tiere, wobei jetzt das Scheren der Tiere im Fokus stand. Auch hier konnte Erika Rijneveld den interessierten Züchtern viele nützliche Tipps geben und auch die Jüngsten waren mit Eifer bei der Sache.

Zum Abschluss konnten die Jungzüchter dann noch den Betrieb der Familie Bosseler besichtigen. Daher ein großes Dankeschön an die Familie Bosseler, die uns äußerst gastfreundlich empfangen und uns die Tiere und Räumlichkeiten zur Verfügung gestellt hat. Ein weiteres Dankeschön geht an Semex und Erika Rijneveld, ohne die dieser sehr lehrreiche Tag nicht möglich gewesen wäre.

Ich denke, dieser erste Jungzüchtertag war ein voller Erfolg und alle Beteiligten waren sehr zufrieden, sodass einer weiteren Auflage nichts im Wege steht.

***Jérôme Reuter***



*Auch den Jüngsten wurden wertvolle Tipps in Bezug auf das fachgerechte Vorführen der Tiere mit auf den Weg gegeben*




*Klein ...*



*... und Gross bekundeten großes Interesse an dieser ersten Auflage des Zungzüchtertages*

# Bedeelegung un der Diskussiounsronn zur Ëmsetzung vun der EU-Agrarreform



En Dënschdeg, den 11. Februar 2014 huet de Landwirtschaftsminister Fernand Etgen op de Rouscht an de Vitarium vun der LUXLAIT invitéiert, fir mat den Akteuren aus der Landwirtschaft, d'Orientatiounen zu der Ëmsetzung vun der EU-Agrarreform an dat nationaalt Recht ze diskutéieren.

De Schwéierpunkt vum Dag loung op der Reform vum 1. Pilier vun der EU-Agrarpolitik mat den Themen: Definitioun a Konvergenz vun den Direktzahlungen, Neiverdeelung vun den Ausbezuelungen, Auswierkunge vum Greening, Definitioun vum aktive Bauer, Moossnahme fir jonk Baueren, gekoppelt Prämien fir den Ubau vu Leguminosen, ...

D'Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – vertrueden duerch de Laurent Frantz, Marc Roeder, Fränz Schlechter a Jeff Boonen, hunn de Minister opgeruff, déi Bäihëllefen esou ze organiséieren, datt si den aktive Baueren, a – virun allem – de jonke Baueren zegutt kommen. Weider Diskussiounsronne zu deenen uewe genannten Themen sinn an deenen nächste Méint virgesinn.

***Jeff Boonen***
*LJB a JW – President*

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

# Am direkten Austausch d'Kooperatiounsaarbecht virubréngen

Am Februar 2014 hunn sech e puer Vertrieder aus dem Conseil d'Administration vun eiser ONG-D mat der Chargée de projets, der Mme Jacqueline Monville, op de Wee an de Burkina Faso gemaach. An deenen zwou Wochen hate mir Geleeënheet déi Verantwortlech vun eiser Partnerorganisatioun *Mains Unies* ze treffen an och vill Gespréicher mat de verschiddene Bauerevertrieder aus den Dierfer ze féieren, mat deene mir am Kader vun eisem laangjärege Projet *Centre Technique de l'Amélioration de la traction Asine* – CTAA zesummeschaffen. Dës Gespréicher an och eis Participatioun un der jäerlecher Versammlung vum Comité de pilotage stratégique, genannt CPS, wou sech d'Partner, d'Vertrieder aus de verschiddenen Dierfer, déi lokal an national Autoritéite vu Regierung an zouständnege Verwaltungen zesummesetzen, sinn eng grouss Hëllef fir d'Aarbecht am Projet virunzebréngen. Am Moment befënnt sech dëse Projet an enger Iwwergangsphase. An dëser wichteger Etapp geet et doräms ze kucken, wou



*Déi alljäerlech programméiert Visiten droen zum bessere Versteesdemech tëschent de Partner bäi*

d'Realisatiounen um Terrain stinn, wéi wäit de Programm vun der éischter Phase erfëllt ginn ass, wéi eng Schwieregkeeten et goufen a wat genee verbessert muss ginn, fir déi sougenannte *Stratégie de sortie* – an domat verbonnen – de gutt virbereete progressiven Desengagement vu Säite vun der ONG-D unzegoen. Wat ganz kloer gesot gi kann, jo gesot gi muss, ass d'Tatsaach, datt mir ganz vill dynamesch Mënsche getraff hunn, déi mat vill Courage a voll Dankbarkeet upaken, fir datt dëse wichtege Projet gelénge kann, zum Wuel vun der ländlecher Bevëlkerung am Burkina Faso!

Mir hunn awer och vun dëser Rees profitéiert, fir d'Site vu potentiellen neie Projeten ze besichtegen. Sou gouf et ënner anerem eng Entrevue mam Abbé Jean-Marie Konkobo, fir weider Detailer vun engem Projet ze beschwätzen, deen nach an de Preparatioune stécht. Hei handelt et sech ëm den Ausbau vun den Infrastrukture vun der Primärschoul vu Zambélé an och ëm d'Realisatioun vun enger Buerung, fir d'Waasserversuergung an der Schoul ze garantéieren.

En dynamescht Engagement wor och schonn am Dezember 2013 ze erliewen, wou eng Delegatioun vu *Mains Unies* bei äis zu Lëtzebuerg op Aarbechtsbesuch wor. Et wor eng Freet den Här Hippolyte Ouédraogo, den neie *Coordinateur de projets* vun der Partnerorganisatioun, an och déi fransé-isch Experten Philippe Lhoste a Jo Ballade kënnen ze begréissen. Och hei stounge wichteg Reuniounen an Treffen – ënner anerem – mam Här Mertens aus dem Kooperatiounsministär a mat dem Verwaltungsrot vun der ONG-D um Programm. Wéi muss et weider goen, wéi gesäit eng nächst Phase vum CTAA aus? Dës Froen an och de Succès vun eiser Aktioun „100 Kassine fir de Burkina Faso" stoungen um Ordre du jour. Dëse Succès an de Merci gëllt all deenen, déi eng Kassin duerch hir Spent finanzéiert hunn.

Mir haten awer net nëmme Besuch aus dem Burkina Faso. Och mat der Schwëster Chantal Mukiampele vun der Kongregatioun vun de Soeurs de Sainte Marie de Namur (SSMN), eng weider Responsabel am Projet *Optimisation des activités éducatives et humanitaires des communautés locales des Soeurs de Sainte Marie de Namur* zu Djuma, Sia a Kikwit an der Demokratescher Republik Kongo, konnte mir äis hei zu Lëtzebuerg austauschen. Begleet gouf si vun der Schwëster Claude Collignon, déi selwer iwwert eng Rei vu Joren am Kongo täteg wor. Dat Treffen huet gewisen, datt déi gutt Zesummenaarbecht de Projet virubréngt a mir mat grousse Schrëtt an d'Zukunft kënne goen. Bedéngt duerch déi aktuell politesch Situatioun, ass d'Visite vun eise Frënn am Kongo leider net ugeroden. Ma dach si mir mat hinnen a Gedanken an am Schaffe verbonnen.



*D'Vertrieder vu Staat, Gemengen an zoustännege Verwaltungen, wéi och vun de Partner- a Bauerenorganisatiounen, déi sech um „Comité de Pilotage Stratégique 2014" bedeelegt hunn*

Doniewent huet d'Schwëster Marie Pierrette Akoa Oboé am August 2013 vun hirem kuerzen Openthalt an der Belge profitéiert, fir äis zu Lëtzebuerg ze besichen. Et goung bei dësem Treffen ëm déi kleng Maternité, déi mat Hëllef vun eiser ONG-D zu Soa am Kamerun

***D'Lëtzebuerger Landjugend –***
***Jongbaueren a Jongwënzer Furen a.s.b.l.***

***invitéiert ganz häerzlech op de***

# 40. Landjugenddag zu Housen

## op Christi-Himmelfahrt, en Donneschdeg, de 29. Mee 2014

**Thema: 2.0**

**Programm:**

**10:00 Auer** Jugendmass mat dem Här Äerzbëschof Jean-Claude Hollerich beim Kierfecht zu Housen (bei Reen an der Kierch)

**11:00 Auer** Éierewäin, ugebuede vun der Gemeng Parc Housen

**12:00 Auer** Mëttegiessen am Centre Culturel zu Housen

Startschoss vum Rallye pédestre (den Tour vum Rallye ass mat der Kannerkutsch befuerbar)

**Nomëttes** Kaffisstuff, Kanneranimatioun, Ausstellung vum Molconcours

**15:30 Auer** Concert vun der Housener Musek

**19:00 Auer** Concert mat Fade to Gray

**21:00 Auer** Dekanatsspill

**22:00 Auer** Präisverdeelung an der Hal

**Ofschlossbal mam DJ Paul on Tour**



realiséiert gëtt. Och déi geplangte Kooperatiounsrees am September 2014, mat engem Grupp vu Jonken aus de Verbänn vun der Lëtzebuerger Landjugend – Jongbaueren a Jongwënzer ass mat der symphatescher Schwëster beschwat ginn. Si soll deene Jonken d'Geleeënheet bidden, fir net nëmmen d'Land, ma virun allem seng Awunner kennenzeléieren an och d'Projeten ze besichtegen, déi d'ONG-D zënter 1998 am Kamerun ënnerstëtzt huet. Dës Rees bidd deemno d'Geleeënheet, fir d'Fortschrëtter vum Bau vun der klenger Maternité vu Soa ze gesinn, an déi Verantwortlech mat den direkte Beneficiairen ze treffen.

Mir hunn am Moment eng Rei grouss Projeten an et brauch ee vill Hänn fir dës Aarbecht ze bewältegen. Mat engem grousse Merci wëll ech mech un eis *Chargée de projets*, d'Mme Jacqueline Monville riichten, och un eise Permanent a Sekretär vun der ONG-D, den Här François Glodt an un d'Mme Chantal Heuschling, d'Sekretärin vum Siège. Dëse Merci gëllt awer och all de Membere vum Verwaltungsrot. Jidderee beräichert op seng Aart a Weis, mat sengem Schaffen, senge Gedanken an Iddien déi vill Projeten. Et deet gutt mat esou enger Equipe am Déngscht vun de Baueren an hire Famillien an Afrika zesummenzeschaffen. Et ass déi afrikanesch landwirtschaftlech Bevëlkerung, déi an eiser Mëtt steet a fir déi mir äis mat ganzem Häerz engagéieren.

An hirem Numm wëll ech lech all, déi Dir äis duerch eng materiell a moralesch Ënnerstëtzung weiderhëlleft, Merci soen. Eis fréier Kooperatiounsministeren, d'Mme Marie-Josée Jacobs an den Här Marc Spautz, a selbstverständlech och de ganze Lëtzebuerger Kooperatiounsministär mat eisem neie Minister, dem Här Romain Schneider, schléissen ech an dës Mercien an. Oder wéi se am Burkina Faso soen: Barka!

***Abbé Romain Richer***
*President*

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

## Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht an Afrika duerch d'Assurances Foyer Claire Schumacher et Associés



*V.l.n.r.: François Glodt, Jacqueline Monville, Mme Claire Majerus-Schumacher, Abbé Romain Richer, Här Majerus*
Foto: Gaby Disewiscourt

E Freideg, den 28. Februar 2014 hunn den Här an d'Madame Majerus-Schumacher vun den ***Assurances Claire Schumacher et Associés*** (Agence principale Foyer) sech am Centre Convict mam Abbé Romain Richer, President, Jacqueline Monville, Chargée de projets, a François Glodt, Sekretär, getraff fir sech iwwer déi rezent Kooperatiounsprojeten an Afrika vun der ONG-D ze informéieren.

Bei där Geleeënheet hunn si dem Abbé Romain Richer e Scheck am Wäert vun ***1.000 €*** iwwerreecht, fir d'Aarbecht am Interessi vum mannerbemëttelte Bauerestand am Burkina Faso ze ënnerstëtzen.

D'Madame Claire Majerus-Schumacher huet de Vertrieder vun der ONG-D matgedeelt, datt innerhalb vun der Agence principale Foyer, d'Decisioun geholl gouf, fir op déi gängeg Kadoe fir d'Clienten um Enn vum Joer ze verzichten an déi proposéiert Zomm fir eng gutt Saach anzesetzen. Déi 2.000 € goufen deemno opgedeelt, sou datt niewent dem Service Coopération vun de LJB & JW och der Associatioun ***SOS – Villages d'Enfants Monde*** e Scheck vun 1000 € zougestallt ginn ass.

Am Numm vum Verwaltungsrot vun der ONG-D soe mir der sympathescher Koppel e ganz grousse Merci fir dee schéine Gest.

## ... an duerch d'Famill Diederich-Wolff vun Näerden

Bei Geleeënheet vun hirer Diamanten-Hochzäit hunn d'Madame an den Här ***Diederich-Wolff*** vun ***Näerden*** der ONG-D e generéisen Don vun ***1.760 €*** fir d'Kooperatiounsaarbecht am Interessi vum mannerbemëttelte Bauerestand an Afrika zoukomme gelooss.

Am Numm vum Verwaltungsrot soe mir der Madame an dem Här Diederich-Wolff e ganz grousse Merci fir dee schéine Gest a wënschen hinnen nach vill schéin an erfëllte Joren zesummen an hirem Stot.

*Das Ständige Diakonat in der Erzdiözese Luxemburg*

## Entscheidung aus Liebe

### Richtigstellung

Wir möchten darauf hinweisen, dass uns in dem Artikel von Diakon Léon Weber, der auf der Titelseite der Februarausgabe des „Lëtzebuerger Duerf" erschien, ein Tippfehler unterlaufen ist. Verheiratete Männer können somit nicht erst ab dem 65. Lebensjahr sondern bereits **ab dem 35. Lebensjahr** die Weihe zum Diakon beantragen.

### Zulassung und Ausbildung

Zum Ständigen Diakonat werden ledige Bewerber ab Vollendung des 25. Lebensjahres zugelassen. Sie müssen sich dann zum Zölibat verpflichten. Verheiratete Männer können **ab dem 35. Lebensjahr** die Weihe beantragen. Bei verheirateten Bewerbern wird auch die Zustimmung der Ehefrau vorausgesetzt. Das Ständige Diakonat kann entweder hauptberuflich oder nebenamtlich mit Zivilberuf ausgeübt werden. Die Ausbildung für das Ständige Diakonat in der Erzdiözese Luxemburg erfolgt in der Diözese Namur oder in Deutschland.

Interessenten für das Amt des Ständigen Diakons können sich bei Diakon Léon Weber (Tél.: 621 265 939) oder bei Diakon Jempy Schuller (Tel.: 92 05 92) melden.

*Lëtzebuerger Jongbaueren a Jonwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*

# Ënnerstëtzung vun der Kooperatiounsaarbecht duerch de regionale Landjugendgrupp Zenter




Am Kader vun hirer Generalversammlung 2014 huet de Comité vum regionale Landjugendgrupp Zenter de Vertrieder vun der ONG-D e Scheck am Wäert vun 2.500 € iwwerreecht. D'Vizepresidentin vum Verwaltungsrot, d'Mme Ferni Wolter-Hilgert, an d'Trésorière, d'Mme Marianne Lisarelli-Schleich, hunn dem Comité – a speziell dem oftriedende President Christian Hahn an deem laangjärege Member vum regionale Grupp, dem Patrick Loesch – am Numm vum Verwaltungsrot e ganz grousse Merci ausgeschwat, fir dee wonnerbare Gest, deen de Landjugendgrupp der ONG-D entgéintbruecht huet.

Op en neits huet de Landjugendgrupp mat deem generéise Scheck seng Solidaritéit mat der mannerbemëttelter Landbevëlkerung an Afrika zum Ausdrock bruecht.

# E wonnerbare Gest vun de Fentenger Gesangveräiner

Am Kader vun enger sympathescher Feier, op déi d'***Chorale CANTABILE*** an de Kanner- a Jugendchouer ***Les Allouettes*** an déi Nei Schoul op Fenteng agelueden haten, hunn déi béid Gesangveräiner de 25. Februar 2014 déi impressionant Zomm vun 9.000 € un dräi Associatioune fir hir respektiv Wierker iwwerreecht.

A Präsenz vum Här Buergermeeschter Marc Lies, konnten deemno jeeweils 3.000 € un d'Vertrieder vun der Associatioun ***ALAN a.s.b.l.*** (Association Luxembourgeoise d'aide pour les personnes Atteintes de maladies Neuromusculaires et de maladies rares), der ***Fondation Cancer***, an der ONG-D ***Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer – Service Coopération a.s.b.l.*** weidergeleet ginn.

A Vertriedung vum Verwaltungsrot vun der ONG-D, ass d'Madame Marie-Claude Dornseiffer-Marx während hirem Virtrag kuerz op déi iwwer 50-järeg Geschicht vun der Entwécklungszesummenaarbecht vun de Lëtzebuerger Jongbaueren a Jongwënzer agaangen, fir dono de Kooperatiounsprojet virzestellen, fir deen en Deel vum Erléis vum Adventsbazar 2013 vun deene béide Gesangveräiner konkret agesat gëtt.

Si huet versëchert, datt d'Suen, fir de Bau an den Equipement vun enger klenger Maternité zu Soa am Kamerun, de Beneficiairen direkt zegutt kommen.

Am Numm vum Verwaltungsrot huet d'Mme Dornseiffer-Marx de Verantwortleche vun de Gesangveräiner e ganz grousse Merci ausgeschwat, fir d'Ënnerstëtzung, déi si der Kooperatiounsaarbecht vun de LJB & JW zoukomme gelooss hunn.




*Foto: Gilbert Linster*

*Fortsetzung vun der Säit 1*

Deen eenzeche Moossstaf fir dës Seelsuerg ass d'Doppelgebot vun der Gottes- a Nächsteléift. Well esou fanne mir et an der Bibel jo schonn. An deem Doppelgebot ass de ganze Wëlle vum Herrgott ausgedréckt, an dat op eng absolut onwiderrufflech Aart a Weis.

D'Kierch huet sech am 2. Vat. Konzil erëm als Vollek definéiert. Déi gemeinsam Berufung, déi fundamental Eenheet vun alle Membere vun der Kierch, muss also erëm ganz uewe stoen. Jidderee weess datt den Dialog deen eigentleche Schlëssel ass fir den 2. Vatikanum ze verstoen an an d'Realitéit z'iwwersetzen.




Dialog ass dat neit Zeechen vun der mënschefrëndlecher Bezéiung vun de Memberen vun der Kierch ënnert sech, an dat vun uewen no ënnen a vun ënnen no uewen. Et ass schwéier, duerch d'Daf, Kommioun a Firmung si mir tatsächlech zu Schwësteren a Bridder ginn. Mir vergiessen dat oft. Mir spillen ee géint deen aner aus, Frae géint Männer, Laie géint Kleriker, Kleriker géint Bëscheef, Bëscheef géint de Poopst oder ëmgedréint. Dat alles bréngt jo awer näischt. D'Konzil huet d'Dialogprinzip ausgedehnt och op Mënschen déi aneschter liewen, déi net Chrëschte sinn. Och do si mer laang hannert der Entwécklung hier. Déi multikulturell an déi multireliéis Vermëschung vun de Mënschen, grad an eisem klenge Lëtzebuerg, ass enorm. An do gëllt et Positiounen ze hunn ouni d'Toleranz vis-à-vis vun deenen aneren opzeginn. Bei eis gëtt zwar Toleranz gefuerdert, mä mir wëssen net wou mer stinn. Ganz vill Mënsche mengen Toleranz wär wann een egal wat géif maachen. Wann een sech géif dat erauspicken wat engem just gefällt: hei Daf, do Gemeinschaft, do eng Kommiounsfeier, hei e Konveniat, do eng Fahnenweih, dës Säit dann awer e Begriefnis, a pour le reste kann engem déi Gemeinschaft gestuel sinn. Dat ass net Toleranz. Dat ass e grousse Mitschmatsch, dat ass e Pizzaglawen. Do ass vun allem drop an et schmaacht no näischt méi. Mat dësem Kierchebild ass elo d'Fro vun der Autoritéit vun der Kierch lahmgestallt. Et geet also drëm datt mir versichen, jiddefalls an deem Moudewuert vu Pastoral, an deem Moudewuert wat elo ëmgeet vu grousse pastoralen Unitéiten, erauszefannen a kloer ze denken datt mer op Dauer keng Chance hunn wa mir dem Mënsch net kënne vermëttelen, engersäits ëm wat et geet, wat also onëmstéisslech Prinzipie sinn (oder fir op den Ufank zréckzekommen) wat d'Grondwäerter sinn, wat onauswäichlech Primisse sinn fir dëse Glawen, an anersäits dat wat am Dialog ëmmer erëm muss nei erschafft, erfonnt an och gemaach ginn. Mir hunn an eiser Verkënnegung ganz oft eng Plaz am Himmel gesicht an d'Welt ass gottlos ginn. Den Ignatius vu Loyola huet schonn a sengen Exerzitien gefuerdert: „Gott finden in allen Dingen. Gott in allen Dingen zu suchen, zu finden im Gehen, im Sehen, im Schmecken, Hören und Denken überhaupt in Allem was wir tun." Dat misst et am Fong geholl sinn. D'Kierch misst eis Heemecht sinn. Net am politesche, gesellschaftleche Raum, mä am Ganzen. Orientéierung, Begleedung, Beruff, Gesellschaft, Famill, alles dat misst iergendwéi vun dësem Glawen u Jesus Christus geprägt sinn. D'Botschaft, den Ëmgang vu Jesus mat de Mënschen, gëtt a ville Beispiller an der Bibel gewisen. Dozou si mer verflicht. Mir bieden et am Credo: „Er, Jesus Christus, kam um der Menschen willen." Mir mussen also an eise Gemeinschafte Reim schafen, Weeër ubidden, wou de Mënsch erëm zu sech fanne kann, wou en erëm mierkt wéi wäertvoll en ass, a wou en awer gesot kritt, datt hie wäertvoll ass a wichteg ass op där Plaz wou e steet, an datt en déi Responsabilitéit net einfach kann ofginn. Dat wär et wat mir an der nächster Zäit misste probéieren. A wa mer dat verstanen hunn, wat ech elo gesot hunn, dann hu mer och verstan, datt jidderee vu eis ganz perséinlech ganz haart gefuerdert ass.

Dofir: pak och du eng Hand mat unn, do wous de liefs, do wous de kanns, esou gutt wéi et geet, mat deene Mëttelen a mat där Zäit déi dir zur Verfügung stinn.

Merci

**Fernand Huberty**
*Aumônier KMA*

## *Impressum*

**Herausgabe:**
*ACML*
*5, avenue Marie-Thérèse*
*L-2132 LUXEMBOURG*

*Verantwortung*:

**Aktioun**:
*Fernand Huberty* *44743-251*
*Jean-Paul Schneider* *44743-251*

**Duerf:**
*Romain Richer* *44 743-562*
*Franz Glodt* *44 743-252*

**Druck:**
*Saint-Paul Luxembourg*

**Erscheinungsdatum:**
*zehn mal jährlich*